QP N°2168

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/05/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.**

De Premierminister huet a senger Deklaratioun den 8tee Mee 2020 an der Chamber d'Bemierkung gemaach, dass d'Droe vu stoffene Masken net esou gutt protegéiert ewéi d'Droe vu chirurgesche Masken. Am Kader vun der Reouverture vun de Schoulen ass am Lëtzebuerger Wort-Artikel vum 24ten Abrëll ze liesen, datt d'Schüler wéinst der Gréisst vun de chirurgesche Masken keng souer géife kréien, mee ee Buff.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ëm wéi vill Prozent senkt de Risiko vun enger Infektioun mam Droe vun enger chirurgescher Mask
    - par Rapport zu enger stoffener Mask?
    - par Rapport zu engem Buff?

2. Feststellend, datt am ëffentlechen Transport Droe vu Masken ab 12 Joer obligatoresch ass, wäert déi nämmlecht Mesure och an de Schoulen applizéiert ginn?

3. Am Zesummespill mat den anere Gestes Barrièren, schützt d'Droe vun engem d'Buff d'Kanner manner virun enger Infektioun mam Coronavirus ewéi d'Droe vu chirurgesche Masken?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

**Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n°2168 de Monsieur le Député Marc GOERGEN au sujet des masques de protection dans le cadre de la réouverture des écoles.**

Et ass net méiglech präzis ze quantifizéieren, wéivill eng chirurgesch Mask méi oder manner gutt schützt wei eng stoffe Mask oder e Buff, well dëst och vun anere Kritären ofhänkt, wei zum Beispill dee vum korrekten Droe vun enger Mask. Och wann d'chirurgesch Mask e bessere Schutz géif bidde wei eng stoffe Mask oder e Buff – ëmmer ënnert der Konditioun dass se richteg gedroe gëtt – ass et evident dass eng stoffe Mask oder e Buff méi schützt wei keng Mask. D'Mask ass en zousätzlech Geste-Barrière, mee soll awer net déi aner Gesten, wei zum Beispill dat reegelméissegt a richteg Hännwäschen, ersetzen. Et sief och rappelléiert dass d'Droe vun enger Mask, onofhängeg dovun em wei eng Zort vu Mondschutz et sech handelt, och virun allem e Schutz fir d'Mënsche ronderëm een ass.